

respektiv eis de Wee ze weisen. Ech wënschen, datt d'Membere vum ORK sech hirer wichteger Aufgab bewusst ginn. Dofir ass et wichteg, d'Membere mat allergréisster Virsicht erauszesechen.

Vill Kanner vun haut liewen an engem ongesonde Familljeklima, wou den ekonomesche Wuelstand dominéiert. Eegeninteresser an Egoismus loosse oft vill ze vill Kanner mat hire Problemer eleng, mat der Konsequenz, datt d'Kanner onzefridde sinn, an net wëssen, wat se maache sollen, an eventuell Zuflucht an Drogen respektiv Alkohol fannen. Dës Kanner hunn d'Recht, datt ee sech ëm si këmmert. Ech géif och dofir jiddferee bidden, seng Responsabilitéiten ze huelen, d'Politiker, andeem si hir partipolitesch Divergenzen iwwerwannen a probéieren op deem Terrain Solutiounen ze fannen, déi am Interesse vum Kand sinn. Ech gesinn de virleiende Projet och als Impuls, fir a verschiddenen Dossieren, wéi zum Beispill an deem vun der "Jeunesse en détresse" endlech erëm weider ze schaffen.

Zum Schluss wollt ech nach bemierken, datt et wichteg ass, datt d'Kanner an d'Bild gesat ginn, dat heescht iwwert dëst Gesetz informéiert ginn. Si musse wëssen, u wie si sech wende kënnen, wa si Problemer hunn, a si solle wëssen, wat d'Missioune vum ORK sinn, wat hinnen hëlleft aus hirer Problematik erauskommen. Dofir géif ech d'Mme Familljeminister bidden, eng Informatiounscampagne an de Schoulen iwwert dës wichtigen Thema ze lancéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif lech bidden, am Numm vu menger Fraktioun, dës Gesetzesprojet ze stëmmen. Et ass e Schrëtt an d'Zukunft.

Merci!

**M. le Président.-** Als nächst Diskussiounsriednerin ass d'Mme Lydie Err agedroen. D'Wuert huet d'Mme Err.

## 7. Dépôt d'une proposition de loi

**Mme Lydie Err (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt lech fir d'éischt eng Proposition de loi déposéieren iwwert d'Introduktioun vun der Médiatioun am Kader vum Code de procédure civile:

- *Proposition de loi 4969 portant introduction de la médiation civile et commerciale dans le Nouveau Code de Procédure Civile.*

Merci!

## 8. Projet de loi 4137 portant institution d'un comité luxembourgeois des droits de l'enfant, appelé "Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand" (ORK) (Suite)

### Discussion générale (Suite)

Da wëll ech zu deemem Projet 4137 kommen, a just op engem Punkt eng Widerhuelung hei maachen, déi zrëckgeet op d'Kannerrechtskonventioun vum 20. No-

vember 1989, déi zu Lëtzebuerg bei eis an der Chamber 1993 gestëmmt ginn ass. Am Kader vun där Ofstëmmung ass op Initiativ vum Gilbert Pregno eng Motioun hei vu mir initiéiert ginn, an unanime gedroe ginn, déi d'Institutioun vun engem Ombudsmann, enger Ombudspersoun gefrot huet. Vis-à-vis vun dëser Motioun huet Regierung ee grouse Mérite an a mengen Aen e puer grouss Feeler.

De Mérite besteet doranner, dass iwwerhaapt emol eng Kéier eng Motioun, déi an der Chamber ofgestëmmt ginn ass, an zwar unanime, während néng Joer Objet vun Debatten innerhalb vun der Regierung a vu verschiddenen Instanze war, déi deen Text vun der Regierung oder déi Texter vun der Regierung aviséiert hunn. Dat u sech ass e Mérite, dee seele genuch ass, fir dass et der wäert ass, dat ze ënnersträichen.

Schlecht ass awer dat Resultat, wat erauskomm ass an haut virläit. Trotz deenen néngjährege Beméiungen an trotz 20 Documents parlementaires, wat awer trotz allem relativ exceptionnel ass. Et ass nämlech esou, dass den Titel vun deemem Projet de loi net dem Inhalt entsprécht. Ech wäert probéieren - an et deet mer Leed, dass ech e bëssen technesch muss ginn - dat ze beweisen. Den Intitulé vum Projet stëmmt net iwwerene mam Text selwer, deen am Projet steet, soudass ech leider fir mäin Deel an och meng Fraktioun zur Konklusioun kommen, dass, esou wéi deen Text hei intituléiert ass, et sech ëm Etiketteschwindel handelt. Well: Eng Ombudspersoun ass e Médiateur. Wa mer da kucken, wat d'Regierung de leschten Hierscht proposéiert huet am Kader vum Projet de loi iwwert d'Introduktioun vun engem Médiateur zu Lëtzebuerg, a wa mer kucken, wat haut an deem Text hei steet iwwert de Kannermediateur, dat heescht de Médiateur, dee sech ëm déi schwächste Glidder an der Gesellschaft këmmere soll, dee misst eigentlech besser ausstafféiert sinn um Niveau vu senger Indépendance, vu senger Kompetenzen an Attributiounen wéi déi generell Ombudspersoun fir d'Erwuessener. Mer mussen awer feststellen, dass dat leider net de Fall ass. Ech wäert probéieren, lech dat Punkt fir Punkt ze beweisen.

Et ass sécherlech dofir och keen Hasard, dass spontan Avisen an deemem Dossier foisonnéieren. Et ass rar, datt zum Beispill d'Asbl Protection des droits de l'enfant en Avis gemaach huet, dass e spontanen Avis gemaach ginn ass vun der Commission consultative des droits de l'homme, an dass néng Associatiounen deeselwechten Avis ënnerschriwwen hunn, dass de Statsrot en Avis gemaach huet, mat Désaccorden op verschiddenen, a mengen Ae wichtige Punkten, mat dem Projet, wéi en elo amendéiert ginn ass.

Et kann een also soen, dass hei contre vents et marées eppes duerchgequetscht soll ginn, wat vun der Essenz vum Ombudsmédiateur eigentlech nëmmen nach den Numm huet. Et dierf ee sech net ieren an et muss ee wëssen, dass eng Ombudspersoun e Médiateur ass, deen am öffentleche Beräich agéiert, an deen also deene generelle Kritäre vun engem Ombudsmann entspreche

misst, och dann, wann en nëmmen eng exklusiv a parti-  
culière Kompetenz huet. Am Fachjargon géif dësen Om-  
budsmann Single-purpose-Ombudsmann heeschen, wat  
en awer net dispenséiert, fir déiselwecht Qualificativen an  
déiselwecht Konditiounen erfëllen ze mussen wéi eng  
generell Ombudsperson.

Wat sinn déi Kritären, déi erfëllt misste si vun enger  
Person, déi sech Ombudsperson nennen wëllt? Dat ass  
éischters emol, an et si sechs där Konditiounen: d'In-  
dépendance, well d'Indépendance vum Ombudsmann  
dem Prozess vun der Médiatioun eigentlech eréischt dee  
Caractère ternaire erabréngt. Ternaire kënnt vun dräi, et  
sinn zwee Leit, oder eng Institutioun an eng eenzel  
Person, an dësem Fall e Kand, déi e Problem mateneen  
hunn. Et muss also en drëttén Aussestehende médiéi-  
eren, fir ze kucken, wéi de Fall sech an der Praxis presen-  
téiert, an der Hoffnung, dass en duerch seng Média-  
tioun eng Léisung vun engem Konflikt oder vun enger  
konfliktueller Situatioun erbäiféiere kann. Dat kann en  
nëmmen, wann en effektiv indépendant ass. Wéi kann  
et sinn, Mme Minister, dass, wann de President vum  
Comité hei Fonctionnaire ka sinn, well et net am Gesetz  
steet, dass en et net ka sinn, d'Indépendance vun där  
Ombudsperson ginn ass, wa mer wëssen, datt deesel-  
wechte Fonctionnaire e Patron hat, de Patron Stat, bei  
deen en normalerweis, no sengem Congé spécial, erëm  
hannescht ka goen, soumadder am Fong geholl déi  
Qualitéit vun der Indépendance vu virer an net ginn ass?

Et ka kee Médiateur existéieren, wann en d'Emanatioun  
vun där Autoritéit ass, deenen hir eventuell Feeltrëtt en  
analyséiere soll. Or, genau dat ass hei de Fall. Et ass jo  
och sécherlech dofir, dass de Conseil d'Etat dorobber  
higewisen huet, wéi iwwregens och déi aner Associa-  
tiounen, déi ech hei net erëm opziele wëll, mä déi néng  
oder zéng un der Zuel waren, an déi alleguerten an  
déiselwecht Richtung gaange sinn.

Do ass nach en anere Punkt, deen d'Indépendance  
ubelaangt an deen eng seriö Insuffisance vum Projet ass.  
D'Nominatioun vum Ombudsmann gëtt vum Grand-Duc  
virgeholl an et steet néirens dran - Transparence oblige -,  
wien da soll déi Lëscht vun deene Leit oder vun deem  
President vun deem Comité soll proposéieren. Just fir  
d'Parallell ze maache mam Gesetz iwwert de Médiateur  
général: Do gëtt gesot, datt d'Chamber op enger Lëscht  
vun dräi Leit wielt, déi vun der Regierung proposéiert gëtt,  
an dass och de Mandat beim generellen Ombudsmann,  
wéi e lo virgesinn ass, net renouvelabel ass, ebe just fir déi  
Indépendance vun der Institutioun ze garantéieren. Hei  
wësse mer net, wien déi Lëscht proposéiert, mir wësse  
just, dass de Grand-Duc eng Nominatioun virhëlt. Mir  
wëssen dann nach, dass d'Ombudsperson e Fonc-  
tionnaire ka sinn. Mir wëssen och nach, dass déi Person,  
wien och ëmmer sollt de President do sinn, eng Méig-  
lechkeet huet, de Renouvellement vu sengem Mandat ze  
fuerderen, wat natierlech och keng Ajoute ass, wat seng  
Indépendance ubelaangt.

Mir mussen wëssen - an Dir wësst et sécherlech alle-  
guerten -, dass d'Missioun vun engem Ombudsmann  
déi ass ze mëssfalen, dass et dann net ganz logesch ass,  
déi Missioun ze erfëllen, wann een aus der Fonction  
publique kënnt an och nach d'Prétentioun huet, even-  
tuell erëm dohinner hannescht ze goen. All déi Critären  
hei, zesumme mat dem Virschlorecht, weisen, dass déi  
Indépendance net ginn ass. An ouni déi Indépendance,  
Mme Minister, gëtt et keen Ombudsmann, dee sech  
esou nennen kann.

Déi zweet Konditioun, déi muss erfëllt si fir eng wierklech  
Ombudsperson, ass d'Impartialitéit vun deemjénigen,  
deen déi Fonction soll exekutéieren. D'Impartialitéit ap-  
préciéiert sech net nëmmen en fait, mä och en théorie.  
Elo kann een natierlech soen: Och e Fonctionnaire, deen  
erëm wëllt a säi Service, no sengen aacht Joer, zrëckgoen,  
kann theoretesch jo impartial sinn. Dat stëmmt. Et bleift  
awer, dass e Fonctionnaire, deen eventuell en Dysfonc-  
tionnement vum Stat vis-à-vis vun de Kanner soll op-  
decken, net d'Apparence vun där Impartialitéit huet. Ge-  
nau weinst där Absence d'apparence d'impartialité hu  
mer eng Kéier zu Stroossbuerg um Mënscherechtsgeriicht  
gesot kritt, mir missten eise Statsrot reforméieren, well  
souguer dann, wann déi Leit impartial wieren, géife se  
sënnegen duerch eng Apparence vun Impartialitéit. D'Ap-  
pearance vun Impartialitéit gëtt et an dësem Gesetz net,  
also ass och déi zweet Konditioun, fir d'Ombudsperson  
net erfëllt.

Déi drëtt Konditioun fir d'Ombudsperson ass, dass se a  
sech kee Pouvoir de décision däreft ze hunn. Dat wësse  
mer net, well esou prezis ass d'Gesetz net op deem Punkt.  
Wat mer awer wëssen, dat ass, dass vun där Ombuds-  
person, déi soll genannt ginn, keng spezifesch Kompe-  
tenzen erwaart ginn, an dat ass fir mech op jidde Fall e  
grousse Problem. Wa mer schon net wëssen, wien déi  
Lëscht opstellt, vun där de Grand-Duc soll de President an  
d'Memberen eraussichen, da kënnt mer awer a priori  
dovunner ausgoen, dass déi Leit, déi op déi Lëscht do  
kommen, géifen drop kommen, well se duerch hir Aus-  
bildung, Fortbildung, Expérience professionnelle Kompe-  
tenzen hunn, déi speziell sech am Beräich vun de Kanner-  
rechter ofspillen. Or, d'Gesetz seet et net, et schwätzt just  
ganz generell vun enger Compétence adéquate. Ce qui  
ne veut rien dire. Esou besteet och op dësem Punkt, wat  
d'Pouvoiren an d'Kompetenzen, a virun allem d'Attribu-  
tiounen ugeet, e Problem.

Virun allem ass fir mech e Problem den Artikel 8 vun  
dësem Gesetz iwwert d'Kompetenzen oder d'Attribu-  
tiounen vum Comité. Do gëtt dann opgezielt, wat en ass.  
Ech soen lech just e puer Wieder, ouni dee ganzen Text  
ze liesen "analyser, aviser, informer, faire un rapport  
annuel, promouvoir la liberté d'expression, recevoir des  
réclamations et faire des recommandations". Also, alles  
esou ganz vague an do sinn onprezis Saachen. An da  
kënnt am Artikel 8 en Alinéa, dee fir mäi Begrëff op jidde

Fall dramatesch ass. Do steet Folgendes dran: "Il peut écouter, mais il ne lui appartient pas de se charger personnellement des affaires de ceux qui s'adressent à lui et de les résoudre, mais de les amener aux institutions et aux services compétents à agir."

Dat heescht an anere Wieder: D'Regierung an déi zoustänneg Kommissioun hunn elo néng Joer un engem Text gedoktert, fir e Gremium ze schafen, deen en Numm huet, deen en net verdéngt an deen och, wat d'Kompetenzen ubelaangt, absolut net deem gerecht gëtt, wat normalerweis en Ombudsmann muss kënne maachen. Déi, déi haut d'"Tageblatt" gelies hunn, déi hu vläicht och en Artikel gelies iwwert dat, wat a Frankräich leeft. D'Mme Brisset, déi Kannerombudspersoun a Frankräich ass, oder Défenseur des droits de l'enfant, huet an enger Konferenz an och an enger Aarbechtssëtzung zesummen hir Aarbecht beschriwwen, an et war ganz kloer, dass et wichteg ass, fir an de Réseau européen des médiateurs pour enfants eranzekommen, dass gekuckt gëtt, ob déi Critèren, déi ech opgezielt hunn, erfëllt sinn. A wa mer elo beim drëtte kucken a feststellen, dass déi éischt dräi emol net erfëllt sinn, da kënne mer eis jo virstellen, wat passéiert, wa mer déi aner och nach gekuckt hunn.

Et ass jo och sécherlech net par hasard, wa mer d'Kompetenze vun der Kannerombudspersoun vergläiche mat deenen, déi d'Regierung wëllt där genereller Ombudspersoun zougestoen, dass bei dëser zweeter am Projet steet: "Le médiateur nommé ne reçoit d'instructions d'aucune autorité." Dat ass den absolute Minimum vun enger Apparence vun Indépendance a vun Impartialitéit, déi sécherlech net par hasard an dësem Gesetz iwwert de Kannerombudsmann net dra steet. A wat d'Moyens d'action ugeet vun deem engen a vun deem aneren, esou brauch een nëmmen déi besoten Artikele vis-à-vis ze stellen an da gesäit een, dass hei net gewollt war, aus där Kannerombudspersoun eng richteg Ombudspersoun ze maachen.

Dat Schlëmmst an dëser Prozedur ass fir mech och folgende Punkt, dass dra steet, d'Kannerombudspersoun huet "accès à l'information aux services visés par l'enquête", mä déi Servicer hu keng Obligatioun, déi Informatiounen, déi gefrot ginn, erauszeginn. Si kënne sech au contraire hannert hirem Secret médical oder autre secret professionnel verstoppen. Wat heescht dat, Mme Minister? Dat heescht, dass eng Assistante sociale, en Affekot, en Enseignant, en Dokter oder wien och ëmmer, déi vum Kannermediateur gefrot ginn, am Kader vun enger Enquête, Saachen erauszeginn, duerch d'Gesetz absolut net forcéiert sinn Informatiounen erauszeginn, well de Secret professionnel vun deene Leit hei am Gesetz expressis verbis net opgehuewe ginn ass. Och dat ass a mengen An eng grouss Lacune.

De fënnefte Critère, dee fir eng wierklech Ombudspersoun wichteg ass, ass d'Confidentialité vum Prozess vun der Mediatioun. Den Artikel 4 vun dësem Gesetz,

dee seet: "Les informations touchant à la situation et aux cas individuels sont soumises au secret professionnel." Dat heescht also, dass déi Donnéeën, déi eng Persoun, e Kand an deem Fall, dat heescht eng Persoun bis 18 Joer, ubelaangen, kënnen net erausgi ginn, mä theoretesch heescht dat doten och, wann een den Text genau liest, dass all aner Saachen, déi am Prozess vun der Enquête eventuell erauskomm sinn, net ënnert dëser Confidentialitéit leien. An och dat ass, Mme Minister, a mengen An e grobe Feeler, well et zielt an engem Mediatiounsprozess net nëmmen, ëm wien et geet, mä et zielt och a virun allem, ëm wat et gaangen ass, wat de Punkt ass, wéi d'Problematik opgedeckt ginn ass, an net nëmmen, ëm wien et sech prezis gehandelt huet.

Et geet och net duer, dass Rieds geet, dass déi Informatiounen, déi d'Persounen touchéieren, confidentiel bleiwen. Et wäerte Pièce verséiert ginn, an och déi Piëcen an de Mechanismus selwer vun der Mediatioun misste secret bleiwen, an duerfir misst deen Artikel hei, wann et ëm eng richteg Mediatioun géif goen, komplett aneschtchers libelléiert sinn. Iwwregens huet d'Regierung dat ganz gutt gewosst, well an deem Gesetzesprojet iwwert de generellen Ombudsmann steet dran, dass eben alles, wat sech am Kader vun engem Mediatiounsprozess ofspillt, der Confidentialitéit ënnerworfen ass.

Sechst Element, wat de Mediatiounsprozess charakteriséiert, ass, datt e muss funktionéieren no engem spezielle Processus. Dat ass keng Prozedur, wéi et se um Geriicht gëtt, mä de Processus ass am Fong eng Manéier, fir eng Informatioun, eng Problematik opzeddecken am Gespréich mat de Leit, an deem Fall mat engem Kand an engem Représentant vun enger Organisatioun oder mat engem Elterendeel, op eng Aart a Weis, déi et hinnen erlaabt, selwer hir Meenung auszudrécken, anerersäits deem aneren nozelauschteren an drëttens ouni konkret Propositionen ze maachen, fir virunzekommen.

Och dëse Processus, deen indispensabel ass, fir dass eng Mediatioun ka funktionéieren, ass net emol ugeschwat, geschweigs nach preziséiert. Et ass ganz kloer, dass, wann all déi Leit, déi sollen eventuell an dee Comité do kommen, keng Formatioun hunn an deem spezielle Bereich vun der Mediatioun, d'Aussicht, dass Mediatioun do ka gemaach ginn, gering, wann net inexistent ass.

Ech fannen et duerfir ganz schued, fir feststellen ze mussen, bei deene sechs Critèren, déi e Mediatiounsprozess charakteriséieren, keen eenzegen an dësem Projet erëmzefannen ass. Ech wëll da ganz kuerz op den Historique agoen, wat de Mediatiouns- oder den Ombudssystem ass, wou en hierkënnt a firwat a verschiddene Länner aner Forme sinn.

Aus dem Rapport geet ervir, wéi wann 1990 déi éischt Ombudssystemer geschafe gi wieren. Dat ass net esou, 1809 ass deen éischte schonn a Schweden geschafe ginn, an doropshi sinn a Schweden an a Skandinavien en général net nëmmen eng generell Ombudspersoun, mä

virun allem och a verschiddene Rayonen Ombudspersonen agesat ginn. Esou ass beispillsweis a Schweden am Joer 2000 déi lescht Ombudsperson geschafe ginn "pour la défense des intérêts des homosexuels". 1994 ass um Niveau vun der Europäescher Unioun de Médiateur européen vum Europaparlament gewielt ginn. 1998 ass am Conseil de l'Europe e Commissaire européen des droits de l'homme gewielt ginn, wat ganz sécherlech den Ombudsmann fir Mënscherechter vu 44 Länner aus dem Conseil de l'Europe duerstellt.

Lëtzebuerg an Däitschland sinn an Europa an der Unioun déi eenzeg zwee Länner, déi keen Ombudssystem hunn. Dobäi huet Däitschland éischters e speziellen Ombudsmann fir seng Arméi an zweetens - an dat ass déi Exploratioun, déi mer wichteg ass hei ze ënnersträichen - ass et an Däitschland esou, dass et eng Petitiounskommission gëtt am Bundestag an och an de Landtagen, déi ganz genau déiselwecht Kompetenzen huet wéi eng normal Ombudsperson.

Contrairement zu de Kompetenze vun eiser Petitiounskommission, déi nëmme kompetent ass fir kollektiv Demanden, ass an Däitschland en Ausschuss zoustänneg, fir all individuell Beschwerden, déi Bierger par rapport zu enger Administratioun hunn, ze analyséieren, Gesetzter ze maachen an esou weider. Esou dass et an Däitschland contrairement zu Lëtzebuerg kee Besoin gëtt, well si ënner enger anerer Dénominatioun de System vum Ombudsmann ënner enger kollektiver Form hunn, déi net d'Prétentioun huet, wéi dës kollektive Gremium, sech doriwwer eraus och nach den Titel vun engem Ombudsgremium ze ginn.

Dann, mengen ech, ass et och nach wichteg drop hincweisen, dass ausser deene Recommandatiounen vum Conseil de l'Europe, déi am Rapport dra stinn, déi eng vun 1985 an déi aner vun 1997, um Niveau vun den Ombudsstrukturen, déi et an Europa gëtt, 1998 e Colloque zu Paräis war anlässelech vum 25. Anniversaire vum franséische Médiateur, an deem huet ganz kloer d'Critères, d'Caractéristiques essentielles vun der Ombudsmediation festgestallt. Ech liesen lech se elo vir, an da kënnt Der och hei nach eng Kéier gesinn, dass och vun dësen Critères hei keen eenzegen an dësem Gesetzestext ginn ass.

- Éischters d'Indépendance vum Médiateur. Ech hunn dat am Detail virun erklärt: "Confidentialité est le droit de recevoir et de traiter des réclamations." Hei kann e se zwar kréien, mä e ka se nëmme weiderleeden.
- "Pouvoir d'enquête", déi bei eis net komplett ass duerch d'Tatsaach, dass de Secret professionnel vun den Agenten net opgehuewe gëtt.
- "Absence de recours contre une décision de l'ombuds-personne", dat wësse mer net, well et net am Gesetz steet. Mir kënnen dovunner ausgoen, dass à la rigueur dës Konditioun an dësem Gesetz an der Rei wier.

- An dann een anert Element "l'immunité pour les actes accomplis lors de l'exercice des fonctions". Och dat steet net an dësem Gesetz. Dat explizéiert sech awer eventuell duerch d'Tatsaach, dass d'Pouvoir, déi dës Comité soll kréien, net déi Envergure huet, dass se géif eng Immunitéit fir "les actes accomplis lors de l'exercice des fonctions" justifizéieren.

Da kënnt dee Colloque vu Paräis zu der Konklusioon, an ech liesen lech dat och vir an dräi Reien: "L'ombuds-médiation", an dovunner schwätze mer hei, "est une institution qui n'est ni un arbitre choisi par les parties, car l'arbitrage est un mode juridictionnel non étatique, mais obligatoire car convenu d'avance. Deuxièmement, ni une juridiction dont la décision s'impose aux parties en litiges, ni un enquêteur qui établit un rapport sur une situation particulière, ni un négociateur dont le rôle est d'arriver à une solution médiane, ni un gadget institutionnel". Gadget institutionnel ass a mengen A genau dat, wat mir hei maachen. Sechstens "ni une autorité administrative", och dat kënnt een eventuell fir dëst Gremium soen "mais une institution indépendante". An dat ass mat Sécherheet, Här President a Mme Minister, dës Comité net.

Net nëmme wéinst senger Forme collégiale, déi an den Texter ganz prezis kritiséiert ginn ass, mä virun allem och wéinst der Absence de transparence bei der Nominatioun. Wéinst dem Fait, dass se ka renouveléiert ginn, duerch de Fait, dass keng prezis Kompetenze verlaangt ginn, a virun allem duerch de Fait, dass e keng Attributiounen huet, déi em géifen erlaben, eng wierklech Enquête ze maachen, an dass en och eben déi Confidentialité vu senger Missioun net duerch den Text garantéiert gesinn huet.

Wann et an Dänemark e Conseil national pour enfants ginn ass, wat d'Rapporteurin hei gesot huet, da wëll ech dat net ofstreiden. Ech streide keng Evidenzen of en général. Ech streiden och net of, dass dee Comité, deem hei geschafe gëtt, net eng gewëssen Utilitéit kann hunn, notament deem, fir dat, wat am Fong d'Essenz vum éischten Text war, fir de Rapport annuel iwwert d'Kannerrechter zu Lëtzebuerg ze schreiwen. Déi Utilitéit, déi e kann hunn, ass jiddefalls net déi vun engem Ombuds-médiateur, an dofir hätt een e misse richtig intituléieren, an dann hätt ee kënnen deem Numm aus Dänemark, deem eis Rapporteurin hei virgeschloen huet, ganz gutt iwwerhuelen: Conseil national pour enfants. Dat wier an der Rei.

Da wieren och, wann deem Titel anescht wier, déi Kompetenzen an der Rei, mä dann däerft mer net déi Prétentioun hunn, mat dësem Gesetz en Text ze schafen, dee conforme wier zu den Exigence vun der UNO-Konvention iwwert d'Kannerrechter, fir e speziellen Ombudssystem fir Kanner anzeféieren.

E leschte Saz. Et ass villersäits kritiséiert ginn, dass Fonctionnaire kënnen an dee Comité erakommen. Et steet am Commentaire des articles vum Artikel 5: "La commission



parlementaire précise que les hauts fonctionnaires, ayant la qualité de conseiller de gouvernement et qui appartiennent au gouvernement, peuvent partant être inclus dans le champ d'application des incompatibilités."

Wat heescht dat? Dat heescht, dass hei eppes steet, wat juristesch falsch ass, well en "haut fonctionnaire", dee "qualité de conseiller" huet, ass dofir nach net "membre du gouvernement", an déi eleng sinn hei ausgeschloss. Zweetens géif dëse Commentaire wierklech nach zouloossen, dass ausser deenen "hauts fonctionnaires", déi d'Fonction vum Conseiller hunn, all déi aner Fonctionnairen, déi zum Beispill Chef de service sinn, d'Méiglechkeet hätten, dee Posten hei ungestriewen. All déi Saachen dierften eigentlech an engem Ombudssystem net de Fall sinn.

Aus all deenen Ursaachen, déi ech elo hei opgezielt hunn, wäert et lech net wonneren, wann ech lech soen, dass ech selwer a meng Fraktioun deen Text an dëser Form a mat dësem Titel net stëmme kënnen, à moins dass mer dat Kand géifen esou nennen, wéi et eigentlech soll sinn, an dat heescht "Commission nationale pour les enfants", an eis dann an deem selwechte Gedankegank géifen engagéieren, eng Ombudsperson deemnächst ze schafen, déi sech gewäsch hätt, dat heescht eng, déi d'Konditiounen an d'Kritäre géif erfëllen.

**M. le Président.** - Ier mer weiderfueren, wollt ech der Mme Err nach Akt ginn, dass si am Ufank vun hirem Exposé eng Proposition de loi déposiert huet iwwert d'Aschreiwung vun der Médiation civile et commerciale an deen neie Code de procédure civile.

Den Här Calmes huet d'Wuert.

**M. Emile Calmes (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, dass ech uganks der Mme Rapporteuse merci soe fir hiren ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport. D'Ausféierunge vun de Spezialistinnen, déi viru mir geschwat hunn, mécht mir et relativ einfach, mech kuerz ze halen.

Mir hunn et hei mat engem Projet ze dinn, dee schonn e relativ laange Wee hannert sech huet. En ass de 5. März 1996 déposiert ginn. An der Zwëschenzäit ass en x-mol aviséiert an amendéiert ginn. Mir begreissen als Fraktioun vun der Demokratescher Partei, dass et endlech esou wäit ass an dass eppes Konkretes bei dësem Projet en fin de compte erauskënnt.

Den amendéierte Projet beschränkt sech dann awer just drop, d'Dispositiounen iwwert d'Asetzen an de Fonctionnement vun engem sou genannten Ombudscomité fir Rechter vum Kand. Firwat e Comité?

D'Auteurs vum Projet sinn der Meenung, dass an engem klengen Land wéi Lëtzebuerg, wou een deen anere kennt, d'Konzept vun engem Comité méi un d'Situatioun vun eisem Land ugepasst ass, wéi wann dat ee Mann wier. Eng kollegial multidisziplinär Equipe mat verschiddene

Qualifikatiounen kéint eng méi effikass Aarbecht maache wéi eng eenzel Persoun, déi méi séier a méi einfach verschiddene Pressiounen kéint exposéiert sinn. Dat kann een deelen, mä et kann een och de Contraire deelen, wann een d'Avisé liest. Esou zum Beispill dee vun der A.s.b.l. Protection des droits de l'enfant, der Ligue luxembourgeoise de Prévention et d'Action médico-sociale, oder dee vum Conseil supérieur de la Famille et de l'Enfance, déi sech géint eng kollegial Formatioun ausgesprach hunn. Si sinn der Meenung, dass fir d'Kanner et eng eenzel Persoun muss sinn, déi dëst personifizéiert. Och fäerte si, et kënnt zu enger Dilutioun vun de Responsabilitéiten kommen.

An enger Prise de position huet d'Commission consultative des Droits de l'Homme hiren Avis presentéiert. Hirer Meenung no dierft kee Comité agesat ginn, mä eng eenzel Persoun, déi e Médiateur à plein temps soll sinn. A sengem Avis huet de Statsrot dës Meenung vertrat. Dës Institutioun gesäit eng Gefor doran, dass de Comité par vote procédéert an esou probéiert, e Kompromëss an delikate Situatiounen ze fannen. Am Ufank war d'Demokratesch Partei éischter dës Meenung, dass eng Persoun dat besser kéint maachen, mä mir kënnen eis awer och där anerer Meenung ralliéieren, well schliesslech wëlle mer, dass Neel mat Käpp hei gemaach ginn an dass en fin de compte eppes fir d'Rechter vun de Kanner derbäi erauskënnt. Et huet eis d'Saach ëmsou méi lichter gemaach, wéi d'Mme Familljeminister an der Kommissiounssitzung vum 28. Februar zougesot huet, dass, wa si géif feststellen, dass dat Konzept net géif gräifen, et ëmmer méiglech wier, d'Gesetz ëmzeänneren.

Mir begreissen et och, dass Mme Familljeministesch sech engagéiert huet, déi Leit zur Nominatioun ze proposéieren, déi sech ausrechnen duerch hir Kompetenz an hir Kapazitéiten am Beräich vun der Protektioun an der Promotioun vun de Rechter an Intérête vun de Kanner, an zemoos duerch hir Onofhängegkeet. Et dierf net sinn, dass dësen Ombudscomité e weidere Comité ministériel gëtt. Dat ass e puermol ënnerstrach ginn. Domat ënnerscheed dat sech am Fong geholl net vun deene Strukturen, déi mer am Ausland hunn, wou, wann et och eng eenzel Persoun ass, déi d'Responsabilitéit huet, dës Persoun awer ëmmer vun enger Equipe pluriprofessionnelle ëmgi gëtt, wat dann e Jurist ka sinn, wat e Vertrieeder aus dem associative Milieu ka sinn, aus dem pädagogesche Milieu, en Dokter oder e Sozialaarbechter. An eisem Fall huet een d'Responsabilitéit, an dat ass de President vun deem Groupe, deen hei agesat gëtt.

Op d'Aufgabe vun deem Gremium ginn ech net am Detail an. Dat ass schonns alles gesot ginn.

Virop huet dee Comité eng Missioun, de Leit a virun allem de Kanner dobause klor ze maachen, dass se iwwerhaupt Rechter hunn. Ech hu gelies an der franséischer Chamber an engem Bericht, dass 45% vun de Leit iwwerhaupt verkennen, dass et Rechter fir d'Kanner

gëtt an d'Kanner selwer zu 65% iwwerhaupt net wëssen, dass si Rechter hunn. Dat misst a sech d'éischt Missioun si vun dësem Gremium, fir de Kanner dat op d'mannst klor ze maachen.

Mat dem Asetze vun dësem Ombudscomité fir d'Rechter vun de Kanner leie mer dann och voll am Trend vun allen aneren EU-Länner. Déi eng maachen et op déi eng Manéier, déi aner op déi aner Manéier. Déi eng hunn eng Ombudspersoun oder en Ombudsmann. Am Frankräich heescht dat "défenseur des droits de l'enfant", an der Belsch "médiateur des droits de l'enfant", an Däitschland heescht et "Bundeskinderbeauftragter". Domat maache mir dann och d'Lëscht vun deem voll, wat déi aner Länner hunn.

Wa mer dat elo hei hunn, da wëllt dat awer net soen, dass mer net schonn esou eppes hei am Land hätten. Mir hu schonn esou ähnlech Strukture vun engem Ombudsmann, engem Médiateur oder Conciliateur. Dat nennt een elo just, wéi ee wëllt. Dat hu mer zum Beispill am Aushandele vun de Kollektivverträgen, wou et fir d'éischt an d'Mediatioun geet, dann an d'Conciliatioun. Um Geriicht gëtt et esou e Médiateur pénal, wat zwar net vergläichbar ass mat deem heiten.

Et ass e Gesetz vun enger genereller Ombudspersoun. Viru fënnf Minutten huet d'Mme Err nach een anere Modell proposéiert, dee vun engem Médiateur civil a commercial am Kader vun der Procédure civile. Iwwerhaupt sinn der Imaginatioun vun esou Médiateuren, Conciliateuren an Ombudsmänner iwwerhaupt keng Grenze gesat. Ech kann lech nëmmen den Internet recommandéieren, fir dat nozekucken. Do gesitt Der, wéi wäit dat ka goen. Et fënnt een an anere Länner Ombudsmänner erëm bei der Krankekeess, bei der Pensiounskeess, bei der Educatioun, beim Logement, beim Transport, bei de Banken, bei den Assurancen. Et gëtt öffentlich-rechtlech Ombudsmänner. An et gëtt souguer privat-rechtlech Ombudsmänner. Affekoten, déi hir Büroen opginn a sech als privat Ombudsmänner qualifizéieren.

Dat ass alles schéin a gutt, an et kann een am Fong geholl do dergéint näischt soen. Do ass awer eppes amgaang sech breet ze maachen, ...

### **(Interruption)**

Jo, Dialog an Transparenz!

... wat a sech net am Fong diskutéiert ass. Et misst ee vläicht emol eng Kéier ënnersichen, wéi dat sech mat all deenen anere bestehende Gremien verdréit, wéi dat koordinéiert gëtt, well déi dräi Pouvoiren, déi mir haut hunn, souwuel de Pouvoir juridique wéi och dee vum Exécutif, vum Législativ, ginn eis d'Méiglechkeet op iergendenger Plaz ze reklaméieren, wéinst deem mer net d'accord sinn.

Viru kuerzem ass den Tribunal administratif geschafe ginn, d'Cour administrative. D'Mme Err huet op d'Péti-

tiounskommissioun higewisen, déi hei an der Chamber ass. Et misst ee sech awer vläicht eng Kéier doriwwer ënnersichen, wat deen esou genannte Pouvoir ausmécht, deen esou satellitaire ronderëm déi aner hei ugesat gëtt, a wéi wäit dat och soll goen. Mir mengen, wann dat do geschafe gëtt mat deene Mediationsgremien, Conciliationsgremien oder Ombudsgremien, dass mer mat esou engem Schafen dem Bierger dobaussen a sech géife vill ginn, dass e méi an och méi séier en Zougank zu den Décisionsgremien hätt, dass en et a sech méi einfach gemaach kritt, fir gehollef ze kréien.

Et freet ee sech, ob an engem klengen Land wéi Lëtzebuerg, wou dach bal all Mënsch en direkten Zougank zu de Responsablen op allen Niveaue huet, dat net op déi Manéier awer d'Verantwortung méi wäit ewechdréckt vun deenen, déi a sech d'Décisions huelen.

Doriwwer misst een diskutéieren, well ech fäerten, wann där Gremien ëmmer méi kommen, da fannen d'Bierger sech op eemol an deem Koup vu Gremien net méi erëm, fille sech net veronséichert, mä verheddere sech am Laf duerch d'Administratiounen, duerch d'Gremien, där mer hei jo dann nach derbäisetzen.

Domat wëll ech elo net soen, dass dat alles schlecht ass, mä et wier vläicht gutt, dass een eemol doriwwer diskutéiert an een och vläicht op eng koordinéiert Manéier géif virgoen.

Fir d'Kanner gëtt et där Gremien nach net schrecklech vill, fir net ze soen iwwerhaupt keng. An deem Sënn ass et gutt, dass dat Gremium fir d'Kanner geschafe gëtt, fir dass si och Geleeënheet hunn op enger Plaz hir Rechter kënnen anzekloen. An deem Sënn kann ech d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu deem Projet hei bréngen.

Merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Jaerling.

**M. Aly Jaerling (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dann och der Rapportrice vun dësem Projet fir hiren ausféierleche Rapport félicitéieren, Rapport, deen am Fong dat alles erëmgëtt, wat een iwwert dee Projet wësse muss, an och e bëssen d'Geschicht retraceiert, wéi dee Projet entstanen ass.

Ech wëll just vun hei aus bedauern, dass et elo bal néng Joer gedauert huet, bis dee Projet an d'Realitéit konnt ëmgesat ginn. Ech verstinn och net, wéisou dass op eemol hei Ping-pong gespillt gëtt an een deem aneren d'Verantwortung duergeheit an dee Projet vun enger Säit esou schlecht gemaach gëtt, wéi wann iwwerhaupt näischt Guddes dru wär. Dat verstinn ech net, zemoos vu Leit, déi während zwee Drëttel vun der Zäit, wou dee Projet an der Diskussioun war, awer mat d'Verantwortung driwwer haten. Wann dee Projet esou schlecht ass, dann hätten déi Leit jo kënnen an der Kommissioun eng Rei vun Amendementer eraginn oder zumindest an der Kommissioun present sinn, wéi de Rapport virgedroe ginn ass.

Wann ee selwer an der Verantwortung souz, an een et net fäerdeg bruecht huet, während sechs Joer eppes Konkretes aus deem Projet ze maachen, da soll een net mat Steng op anerer geheien. Ech verstinn iwwerhaupt déi ganz Philosophie net, dass nodeem ee 15 Joer an der Regierung war, een op eemol weess, wéi anerer alles solle besser maachen. Et ass dat, wat ech schonn déi ganzen Zäit, wou ech hei an der Chamber sinn - ech si vläicht nach nei hei a verstinn nach net esou richtig d'Spillregelen - wollt emol eng Kéier klor soen. Vlächtt sinn dat d'Spillregele vun der Demokratie, wéi een esou schéi seet, mä ech verstinn ënner Demokratie eppes ganz anescht.

### **(Interruptions diverses)**

Et ass vlächtt net originell, Här Fayot, mä ech wollt dat eng Kéier hei bemierken, well dat permanent erëmkënnt a well dat mech awer an engem demokrateschen Débat stéiert.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Wann dat alles ass, wat Dir zu deem Projet ze soen hutt!

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Ech wëll hei net Arbiter spillen tëschent deenen zwou grouse Parteien. Ech wëll just soen, dass fir eis als ADR an deem Projet wichteg ass, dass eng Basis geschafe gëtt fir d'Rechter vun de Kanner. Eiser Meenung no ass dat am Gaang ze geschéien, an dofir ass et eis net onbedingt wichteg, ob een dat elo Ombudsmann oder Ombudscomité nennt. Wichteg schéngt mer, dass eng Struktur geschafe gëtt, déi déi Aarbechte ka maachen, déi elo während Jore brooch leien, an déi Aarbechten am Interesse vum Kand kann asetzen. A wann ee seet, en Ombuds-Comité oder eng Ombudspersoun, sou gesinn ech am President, sou wéi dat och vun der Kommissioun gesi gëtt an och am Gesetz dra steet, och eng Ombudspersoun, déi sech als Médiateur erausschiele kann, fir déi néideg Schrëtter ze ënnerhuelen, fir dass dee Comité kann optimal fonctionnéieren.

Et ass och kloer definéiert, wien an dee Comité dra kënnt, wat fir eng Persounen do dra kommen. Ech mengen, dat ass nach ëmmer hei am Parlament gestëmmt ginn. Do waren nach ni sou vill Diskussiounen wéi elo: Ech mengen, et kënnen ëmmer mol Diskussiounen opkommen, wien dat soll sinn, wien derfir zoustänneg ass, vu wat fir enge Säiten dass e soll kommen. Mä, gutt, dat ass eben nun esou. Op jidde Fall ass et d'Parlament, dat déi Persounen hei wäert nominéieren. Ech gesinn och guer kee Problem, dass dee Comité seng Onofhängegkeet net soll behalen an och seng Vertraulechkeet net, well och am Gesetz ganz kloer steet, dass dee Comité e Rapport annuel muss maachen, deen also hei virgedroe gëtt, sou dass also och do eng Kontroll do ass. Wann dee Comité säi Rapport annuel ofgëtt, gesäit ee jo, ob dee Comité am Sënn vum Gesetz fonctionnéiert, oder ob en net am Interesse vum Gesetz fonctionnéiert.

Och wann de President sollt e Fonctionnaire sinn, gesinn ech kee Problem doranner. Och dee ka seng Onofhängegkeet behalen. Op jidde Fall ass et net richtig, wann hei schonn accuséiert a veruerdeelt gëtt, ier iwwerhaupt eppes geschitt ass. Ech mengen, mat deem Gesetz hei hu mer e wichtige Schrëtt an déi richtig Richtung gemaach, an dofir géife mir als ADR dëst Gesetz och stëmmen.

**M. le Président.**- Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Camille Gira agedroen. D'Wuert huet den Här Gira.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dësse Projet ass sechs Joer ënnerwee. Dësse Projet ass x-mol amendéiert ginn. Dësse Projet ass x-mol tëschent Regierung, Chamber a Statsrot hin an hier gaang, an um Enn vun dëser laanger Prozedur geet dann awer d'Regierung mam Kapp duerch d'Wand, géint eng unanime Motioun. Unanime, dat wëll ech betounen an och mol eng Kéier drop hiweisen, dass heiansdo de Pouvoir législatif sech selwer mat der Nues huele muss, well hei eestëmmeg Motiounen gestëmmt gi vu Leit, déi, wann e Projet vum Exécutif kënnt, a se dann herno an de Kommissiounen schaffen an awer och hei op de Knäppche drécke mussen, ganz schnell vergiess hunn, wat se mol eng Kéier bei enger Motioun gestëmmt hunn. Dat verstinn ech och net sou ganz richtig. Géint eng unanime Motioun vun der Chamber, géint den Avis vum Statsrot, géint den Avis vun der Commission consultative des droits de l'homme, géint den Avis unanime vun enger ganzer Rei vun Associatiounen, an net déi mannst, Mme Rapportrice, och eng Rei vun Associatiounen, déi lech ganz nostinn, wou Dir souguer - wann ech mech gutt kann erënneren - am Comité waart oder och nach sidd. Géint den Avis also vu villen Associatiounen aus deem Secteur hält d'Regierung un hirer Iddi vun engem Comité fest, amplaz, wéi all déi aner Leit et proposéiert hunn, eng Ombudspersoun fir d'Kanner anzesetzen.

Fir eis ass dat e relativ erstaunleche Phänomene. Et erstaunt mech och besonnesch, muss ech soen, vun der Mme Jacobs, déi normalerweis méi en oppent Ouer huet fir ënnerschiddlech Meenungen, och wa se vun der Opposition oder anere Leit kommen. Et ass mir dofir ëm sou méi onverständlech, wiesou hei sou eng Stuerheet zum Virschäi kënnt, zumol wou et hei net ëm en ideologesche Glawenskrich geet, mä ëm eng praktesch Effikassitéit vun enger nei geschafener Struktur.

Här President, déi Gréng deelen d'Meenung vun deenen, déi soen, dass eng eenzel Persoun vill méi visibel fir d'Öffentlechkeet a besonnesch fir d'Kanner an déi Jugendlech dobauss wier wéi e Gremium vu sechs Persounen. Déi Gréng sinn och iwwerzeeget, dass e Gremium vu méi Persounen manner Aktiounsfräiheet huet wéi eng eenzel Persoun, Aktiounsfräiheet wierklech a vielerlei Sënn. Déi Gréng zweifele wéi anerer un der Onofhängegkeet vun deem Gremium. Dat ëm sou méi, well

déi Leit net vun der Chamber, mä vun der Regierung selwer proposéiert ginn, quitte dass de Grand-Duc se nominéiert.

Här President, wann een da weess, wéi normalerweis zu Lëtzebuerg sou Nominatiounen vir sech ginn, dass do nämlech ganz oft net onbedéngt no de Kompetenzen, mä no der parteipolitescher Bluttrupp gekuckt gëtt, an dofir gesuergt gëtt, dass op d'mannst vun deenen dräi grouss Bluttruppen all Kéiers eng Persoun dobäi ass, da fäerte mir e bëssen, dass dat doten en Nullsummespill gëtt, dass de Comité riskéiert eng Aart Comité interministériel ze ginn, wéi och an Diskussiounen an der Kommissioun gesot ginn ass, wou da Statsbeamten de Stat évaluéiere sollen, an datt dat net méiglech ass, ech mengen, dat huet d'Mme Err hei wierklech am Detail duergeluegt, sou datt ech mer déi Widderhuelung spuere kann.

Et ass sécherlech och net vun deem Comité do, dass d'Fangeren op déi vill Wonne geluegt wäerte ginn, déi och hei am Land am Beräich vun de Kanner- a Jugendrechter amgang sinn ze bludden. Ech erënneren un d'Situatiounen zu Schraasseg; ech erënneren och - an dat kann een aus der Praxis als Buergermeeschter confirméieren - un dee ville Sozialtourismus, dee mer grad am Beräich vu Problemerkanner hunn, wou Familljen no enger gewësser Zäit sämtlech sozial Servicer - an där hu mer vill, dat muss een zougestoen - passéiert hunn, déi fir Kanner responsabel sinn, an ënnert dem Stréch awer net gehollef kritt hunn, an eigentlech no villen Méi a Stress an Ustrengung méi schlecht dru si wéi virdrun. Ech ka mer net virstellen, datt vun deem Comité do pertinent op déi Wonnen higewise soll ginn.

Wann hei d'Mme Nicklaus-Faber an engem Interview am Lëtzebuerger Wort gemengt huet, e Gremium kéim manner ënner Drock wéi eng Einzelpersoun, dann huet se net sou richtig verstanen, ëm wat et hei geet. Et geet hei net ëm den Drock op déi Persoun oder op dat Gremium, mä et geet hei drëm fir Drock op d'Regierung ze maachen. Et geet hei drëm, fir Drock ze maache vis-à-vis vu Verwaltungen, oder vu schlecht organiséierte Strukturen, oder och vu Beräicher, déi konventionéiert sinn. Grad am konventionéierte Secteur ass et heiansdo ganz schwier, eppes beweegt ze kréien, well een do jo ee Problem huet, an zwar dass déi Leit ganz oft fir de Stat eng Missioun erfëllen, awer déi politesch Responsabilitéiten net ganz kloer sinn.

Ech kann lech soen, dass et laang brauch, ier een uewe bei déi politesch Responsablen en Drock opgebaut kritt, wann e puer hierarchesch Strukturen dotéschen sinn. Grad dat ass e Problem, deem een an der Praxis ganz oft begéint. Ech ka mer schlecht virstellen, dass, wann elo mol nach fir d'éischt an deem Gremium e gewëssene Message bis uewen ukomm muss sinn, dass eng Eenegung fonnt muss ginn, an deem Gremium, dass da schonn erëm sou vill Zäit a Méi verluer ass, fir dass et ganz

schwierig wäert sinn, den néidegen Drock opzebauen. Ech mengen, dat misst awer och eng Missioun vun där Institutioun hei sinn. Ech muss soen, dass mir do ganz skeptesch sinn.

Mir bedauern also, dass, nodeem vill Zäit verluer gaangen ass, elo eng schlecht Léisung fonnt ginn ass. Mir sinn awer frou, dass iwwerhaupt no all dee Joren eng Institutioun geschaf gëtt, fir d'Intérêt vun de Kanner an de Jugendlechen ze verteidegen, an dofir wäerte mir eis och bei deem Projet hei enthalten.

Mir sinn nach just gespaant, ob mer no der Nominatioun vun deene sechs Leit dann d'Stuerheet vun der Regierung wäerte besser verstoen. Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - Als leschten Diskussionsriedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).** - An dem historeschen Iwwerbléck, Här President, vun dem Kommissiounsbericht gëtt déi Behauptung opgestallt, dass de Code Napoléon aus dem Joer 1804 fir d'éischt d'Kand als schützenswäerten Deel vun der Famillje beziechent hätt, an dass doduercher quasi am Fong geholl den Ufank vun de Kannerrechter entstanen wär. Mä et ass just de Géigendeel, deen domadder bezweckt ginn ass. Deemools ass et drëm gaangen, fir där sech entwéckelnder kapitalistescher Industrie bëlleeg Aarbechtskräften zur Verfügung ze stellen. Eréischt wéi déi verheerend Auswierkung vun der Kanneraarbecht selwer op d'Reproduktioun vun der Aarbechtskraaft opgetratt sinn, sinn Aschränkunge virgeholl ginn.

D'Onfäll an d'Krankheete waren esou verheerend, datt den Alter vun der Reproduktioun oft net erreecht ginn ass, an doduercher d'Befierchtung komm ass, dass iwwerhaupt ee Feele vun Aarbechtskraaft géing optrieden.

Déi Kriticken, déi zu dësem Gesetzesprojet besonnesch ewell vun der Mme Err opgeworf gi sinn, déi se och ganz ausféierlech virgedroen huet, an déi een zum groussen Deel muss deelen, féieren dozou, dass een e ganz gedeelte Verhältnis zu dësem Gesetzprojet muss hunn, an dass et schwéier fällt, fir him zouzestëmmen.

En Ombudsgremium ass nämlech net onofhängeg genuch. D'Mitglieder ginn ernannt, et gëtt keng Wahl duerch iergendee Gremium virgeholl. Firwat ginn och zum Beispill net d'Kanner gefrot, oder firwat kënnen d'Kanner net mathëllefen ze bestëmmen, wien an dat Gremium do kënnt? Misst net och e Kannergrremium gebilt ginn, dat zum Deel als Gesprächspartner vun dësem ORK kéint figuréieren?

Wann de President vun dësem Comité - Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand heescht e jo - aus dem Secteur public kënnt, dat heescht e Statsbeamten, da kritt deen e Congé spécial a säi Gehalt weider, a seng Anciennetéit leeft ebenfalls weider. Am Artikel 8 gëtt dat alles sou



detailléiert geregelt, dass e bal d'Gefill kritt, wéi wann dësse Poste scho reservéiert wier. Wann en no zwee bis fënnef Joer erëm zrëckkënnt a sai Service, da kann een dovunner ausgoen, dass e kaum Aktivitéiten entwéckle wäert, déi senger Hierarchie hätte kënne missfalen, wat jo awer dann eng Aschränkung vu senger Onofhängegkeet bedeit.

Et ginn eng Rei vun Incompatibilitäten opgezielt, fir kënne an dee Gremium ze kommen - Matglidder aus der Regierung oder dem Statsrot oder hei vun der Chamber, oder vun engem Gemengerot, wat een als normal kann ugesinn. Mä, ech mengen, firwat net och Vertrieeder zum Beispill vu Reliounsgemeinschaften, déi oft duerch dogmatesch Virstellung befaange sinn, an dofir net onofhängeg agéiere kënne? Bei verschiddene muss ee souguer feststellen, dass et heiansdo Problemer mat der Pédophilie gëtt.

D'Agrëffsméiglechkeeten vun dësem Gremium si begrenzt. Et ka vläicht beroden, mä et ka keng spezifesch Moosnamen ergräifen, déi direkt de Kanner hëllef kënne, agräifen, wa Mësstänn entstinn an de Gremien oder an de Verwaltungen. Dofir gesäit een och net, wat fir eng grouss Auswierkungen et kéint hunn, fir d'Rechter vun de Kanner duerchzesetzen. Besonnesch gëtt och net festgehalen, wéi an deem Comité décidéiert gëtt. E besteet aus sechs Leit, et ass net virgesinn, dass de President vun deem Comité eventuell eng prépondérant Stëmm hätt, soudass am Fong geholl dee Comité hei all Kéiers misst eestëmmeg décidéieren, wat e mécht, oder wat en net mécht.

Dat alles, Här President, sinn eng ganz Rei vu Kriticken, déi een zu dësem Gesetz virbréngen kann. Dofir ass och meng Meenung, dass ee sech bei dësem Projet enthale muss.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo d'Mme Familljeminister Marie-Josée Jacobs.

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn e bëssen traureg an ech sinn natierlech och frou. Ech si frou, datt mer no siwe Joer nodeem dee Projet hei an der Chamber déposéiert ginn ass, endlech dozou kommen, mol hei an der Plénière driwwer ze schwätzen, an, ech denken, och driwwer ofzestëmmen. D'Mme Nicklaus-Faber huet hei am Detail dat Schrëftlecht an dat Mëndlecht gemaach.

Traureg sinn ech selbstverständlech, dass d'Mme Lydie Err als Spriecherin vun der sozialistescher Partei dee Projet sou negativ gesäit an och eigentlech keng gutt Fatz, géif een op Lëtzebuergesch soen, dru léisst. Ech bedauern awer op där anerer Säit, datt mat deenen Argumenter oder mat Ausnahm vun deenen Argumenter, déi de Camille Gira och hei virbruecht huet iwwert d'Visibilitéit an iwwert déi Persoun, déi do sollt sinn, déi aner Propositionen an déi aner Schwierigkeeten, déi se am Fong

an dësem Gesetz gesinn, och keng nei Propositionen komm sinn, iwwert déi een och duerchaus hätt kënne diskutieren.

Ech gestinn der Mme Err zou, datt se wahrscheinlech de gréisste Spezialist hei an der Chamber ass, wat d'Médiation ubelaangt, well se dat selwer studéiert huet, a well se doranner och sécher méi Kompetenzen huet wéi iergendee vun eis. Mä, wéi gesot, et ass awer schwierig un deem Dag, wou de Projet gestëmmt gëtt oder hei an der Plénière ass a gestëmmt soll ginn, well mer wëssen, dass mer sécher keng grouss Changementer méi virhuele kënne.

### **(Interruptions)**

Neen, ech maache mir et wierklech net einfach. Ech menge vläicht, datt Dir et lech dës Kéier einfach gemaach hutt, a gewaart hutt, fir heihinner ze kommen, wou mer, wéi gesot, eng Partie vu Punkte sécher och virauser hätte kënne regelen.

Zur Stuerheet, mat där ech mech hei géif drun halen, wëll ech éierlech soen, dass dat nu wierklech net a mengem Charakter läit an och net fir mech e Glawensartikel ass, mä wou ech awer wëll dem Här Gira soen, dass ech all Kéiers zrëckgaange si bei déi jeeweileg Regierungen, wann zousätzlech Avisé komm si vum Conseil d'Etat, fir ze soen et wär eng Meenung do, dass et besser wier, dass ee géing op eng Persoun histeiere wéi op e Comité. Ech wëll nach eng Kéier soen, dass déi jeeweileg Regierungen all Kéiers dru festgehalen hunn, fir um Wee vum Comité ze bleiwen.

**Mme Lydie Err (LSAP).**- Dat éiert lech awer, dass Der weinegstens probéiert hutt.

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.-** Ech hunn et probéiert. Ech mengen, Dir waart souguer derbäi an Dir hutt mer gehollef a mir hunn eis mateneen net duerchgesat kritt, Mme Err. Dat ass d'Schicksal an der Politik, dass een och heiansdo muss Kompromësser maachen, wou ee vläicht aner Saache gäre gemaach hätt, mä wéi gesot, trotzdeem denken ech, dass mer sollen deem Gremium eng Chance ginn. Dir wësst alleguer, dass wann een eng Kéier esou eppes huet, et méi liicht ass et ze änneren, wéi dass een et siwe Joer vun enger op déi aner Plaz hin an hier schiibt, ouni dass emol iwwerhaapt eppes op enger Plaz geschitt.

Deen éischten Text, dee mer déposéiert haten, ass vill méi wäit gaangen, well och do d'Aufgabe sollt geregelt ginn a legal geregelt ginn, wat d'Sozialservicer fir d'Kanner ubelaangt. Mir wollten e Règlement dra setzen iwwert de Fonctionnement vun de Schoulen an dem Centre socio-éducatif vun Dräibuer. Mir wollte weider eng Datebank schafen iwwert de Placement vun de Kanner.

Dat Eenzezt, wat am Laf vun de Joren iwwreg bliwwen ass, ass effektiv nëmmen den Ombudscomité. Ech

denken, dass mer eis eng Kéier mussen doriwwer ënnerhalen an eis eens ginn, dass mer net derlaanscht kommen, och gesetzlech e Kader ze schafen, wat d'Kannerservicer ubelaangt.

Besounesch bedauern ech, dass mer déi Datebank net konnten aféieren iwwert d'Placementer vun de Kanner hei zu Lëtzebuerg oder aus Lëtzebuerg eraus. Ëmmer erëm gëtt behaupt, mir géifen hei zu Lëtzebuerg méi Kanner placéiere wéi an anere Länner. Verschiddentlech kritt een och gesot, mir hätten net genuch an och net spezifesch Foyere genuch, wou d'Kanner kënten opgeholl ginn. Mir hunn awer net erlaabt kritt, fir déi Datebank anzeféieren. Et wär selbstverständlech gewiescht, dass een dat anonym hätt kënne maachen. Dofir wësse mer net richteg, wat fir eng Kanner a wou déi Kanner placéiert sinn a wie se placéiert.

Mir wëssen och net, wéi laang d'Kanner placéiert sinn, a mir kennen och hire Parcours vun duerno net. Et ass schued, dass mer dës Donnéeën net hunn, déi an anere Länner als Viraussetzung ugesi ginn, fir iwwerhaupt kënnen eng sënnvoll Planung ze maachen.

Et ass domat, wéi mat villes. Et soll een net verzweifelen. Vläicht kréie mer enges gudden Daags d'Méiglechkeet, fir dat ze maachen.

Ech si frou, dass mer endlech derzou kommen, iwwerhaupt emol eng Struktur ze kréien, déi deene Kanner eng Méiglechkeet gëtt, fir sech selwer kënnen do ze beschwéieren, a wéi d'UNO et eis proposéiert huet, dass mer misste legislativ an administrativ Moosnamen ergräifen, fir Kannerrechter iwwerhaupt kënnen ëmzesetzen.

Zu Recht huet d'Mme Err de Conseil de l'Europe ervirgetrach, deen d'Recommandatioun 290 geholl huet, fir ee Médiateur fir d'Kanner ze schafen.

Iwwert d'Fro vun dem Comité an der eenzelner Persoun hunn ech geäntwert. De Grond, firwat mer dat am Fong geholl gemaach hunn, dat ass opgrond vun enger Rei vun Diskussiounen, déi mer mat Kolleegen aus deenen nordesche Länner gefouert hunn, déi eng ganz aner Kultur vun de Médiateuren hunn a wou zënter laange Jore bal fir alles ee Médiateur do ass. Eenzelner sinn hei opgezielt ginn. Et gëtt der nach méi. Mir hunn do gesot kritt, et géif alles ofhänke vun där Persoun, déi Ombudsmann ass. Entweder ass se gutt a se gëtt sech drun, da geschitt eppes, oder si mécht näischt an da sidd Der natierlech geplot.

Mir hu bei verschiddene Länner gesinn, dass se mëttlerweil op méi eng breet Basis gi vun engem Comité oder enger Kommissioun, déi opgebaut gëtt. Mir hu gemengt, et wier besser, dass een net nëmmen eng eenzel Persoun hei géing ze vill exposéieren.

D'Géigenargument ass selbstverständlech fir ze soen, da géing där Persoun d'Visibilitéit feelen an et wier da

schwéier fir d'Kanner, fir déi ze identifizéieren. Mir hunn dës Problem agesinn, an dofir hu mir proposéiert, dass de President oder d'Presidentin dës Visibilitéit soll kréien. Mir sinn derbäi bliwwen, dass déi aner Membere sollen der Ombudspersoun an enger kollegialer Form a mat multidisziplinäre Kompetenzen zur Verfügung stoen.

Ech wëllt, Här President, lech eng Note ofginn, wou beschriwwen ass, wéi dat an deene verschiddene Länner fonctionnéiert, fir dass déi eenzel Deputéierte sech kënnen dermat befaassen. Zu engem Deel huet d'Mme Nicklaus-Faber dat an dem Rapport gehat, mä da gesitt Dir dat nach eng Kéier. Ech hoffen, dass domat eng Partie vun deenen Ängschten, déi vun deene Leit, déi dat aneschtens gesinn, ka méi kleng gemaach ginn.

De Kannerrechtscomité huet d'Recht an d'Flicht fir iwwer Kannerrechter ze waachen an iwwert déi Gesetzer, déi dës Rechter garantéieren, mä awer och huet en d'Aufgab, fir d'Promotioun ze maache vun de Kannerrechter, Kannerrechter, déi an dësem Fall fir Kanner bis 18 Joer ginn.

En huet d'Aufgab, d'Gesetzer ze analyséieren an ze ënnersichen, ob si de Kannerrechter entsprechen a selbstverständlech och Virschléi ze maachen. D'Aufgab, an der Zukunft iwwert déi Gesetzer a Reglementer säin Avis ze ginn. Ech denken, dass dee järelechen Avis net nëmmen d'Aufgab huet, fir ze soen, wat d'Aarbecht vun deem Comité ass, mä och Problemer opzuerwerfen, déi e begéint huet. Zum Beispill Problemer, déi hei virbruecht gi sinn, dass de Secret professionnel vun deene verschiddene Leit kënnt een Hindernis sinn, wou dann och de Comité dorop soll opmierksam maachen, fir dass een dat ka verbesseren.

Déi fräi Entwécklung an d'Participatioun vun de Kanner ze fördern ass eng vun de wichtegen Aufgaben. Doriwwer si mir eis alleguer eens, dass, wa mer gäre staark Erwuessener hätten, et wichteg ass, dass déi Jugendlech och léieren déi Participatioun ze kréien, fir dass se sech kënne fräi entwéckelen a fréizäiteg léieren, fir domat ëmzegoen.

D'Kanner kënne reklaméiere goe bei deen Ombudscomité. Si hunn och eenzel d'Recht dat kënnen ze maachen, an de Comité muss se ëmfänken.

Gerichtlech Prozeduren a gerichtlech Décisiounen kënnen net vun dem ORK geännert ginn. Et ass eng onofhängeg Struktur, esou gutt vis-à-vis vun den öffentleche wéi vun de privaten Institutiounen a Servicer. D'Membere vun dem ORK sinn un d'Berufsgeheimnis gebonnen. Mir denken, dass déi Onofhängegkeet an dat Berufsgeheimnis derzou féieren, dass d'Kanner wierklech dohinner ginn.

Iwwert d'Incompatibilitäten ass geschwat ginn. Ech wëll net méi dorop agoen. Ech denken, dass et wichteg an interessant ass, dass mer an dësem Gesetz emol eng Kéier soen, dass de President oder de Vize-President

misste paritéitesch besat ginn. Et ass fir d'éischte Kéier, dass mer dat fäerdeg bruecht hunn.

**Mme Lydie Err (LSAP).**- Immens!

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.**- Ech si frou, Mme Err, dass et ee Punkt gëtt, mat deem Der zefridde sidd. Ech gesinn et ass eng Klengegkeet, déi lech zefridde stellt.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Sidd Der elo net méi traureg?

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.**- Elo geet et ewell besser. Ech si jo net anspruchsvoll.

D'Kommissioun huet d'Befierchtung zum Ausdrock bruecht, dass wann ze vill Fonctionnaires dra wieren, da géing et riskéieren, fir een neien interministerielle Comité ze ginn. Ech sinn e bëssen erstaunt iwwert déi Ängschten, déi bestinn, wa géing e Fonctionnaire dohinner kommen, dass dann déi Indépendance net gewahrt wär. Ech wëll och do soen, dass mer virgesinn haten an dem Projet, dass d'Chamber sollt déi Propositionne maachen an dass de Conseil d'Etat dat refuséiert a gesot huet, dat wier eng Aufgab vun der Regierung, déi dat misst proposéieren, a wou mer dann och déi Aufgab iwwerholl hunn.

D'Membre vum ORK hunn d'Recht op fräien Zougank, am Kader vun de Gesetzer an de Reglementer, zu de Gebaier, esougutt vun deenen öffentleche wéi vun deene privaten Organismen, wou Kanner opgeholl ginn, vun de Servicer, ob dat Consultatioun, Assistance, Guidance, Formatiouns- oder Animatiounsservicer sinn. Si kënnen natierlech och Informatiounen an Dokumenter kréie mat Ausnahm vun dem Berufssgeheimnis vum Dokter oder vun aneren.

E Mandat vu fënnef Joer, hu mer gemengt, wär eng Zäit, déi net zevill laang wier an déi een eng Kéier kënnt erëm erneieren. Wéi gesot, ass während där Zäit d'Presidentin oder de President fräigestallt, fir dass se déi Aufgab no bausse méi visibel kënne maachen, wéi mer dat an deem initiale Projet gehat hätten, wou dat alles Leit woren, déi dat niewebäi gemaach hätten.

Mir wollten och net ze vill stramm dat alles reglementéieren, Här Bisdorff, well mer gemengt hunn, déi Leit wäer groussjäreg a si misste selwer kënnen entscheeden, an dofir e Règlement intérieur sech huelen iwwert d'Organisatioun, de Fonctionnement an d'Aarbechtsprozeduren, wéi se dat gesinn.

Déi aner Punkten alleguer si laang a breet explizéiert gi vun deene verschiddene Virriednerinnen a Virriedner. Ech denken, dass mat deem Comité, dee mer haut hei wäerte stëmmen, eng Partie wéinegstens mer méi no komme bei eng besser Applikatioun vun de Kanner-rechter an de Kannerpflichten. Ech kréien dacks gesot, wann Dir fäerdeg sidd, dann hunn d'Kanner jo nëmme méi Rechter a si hu keng Flichte méi. D'Leit iergere sech

schrecklech doriwwer. Et gëtt esou gutt Flichte wéi Rechter, well dat eent an dat anert gehéiert zoueneen. Ech géing awer wëlle soen, dass selbstverständlech hei net e Comité eleng, och wann et eng aner Funktioun wier, dat alles kënnt maachen.

Den Här Gira huet zu Recht higewisen op eng ganz Partie vun ONGe wéi och vun anere Servicer, déi am Laf vun de Jore geschafe gi sinn an déi ënnerstëtzt ginn. Ech denken un de Kanner- a Jugendtëlefon. Ech denken un d'Vakanzenservicer. Ech denken un d'Réseaux vun de Jugendhaiser. Ech denken un déi verschidde Berodungsservicer vum Planning familial iwwert d'CPF oder d'Ligue médico-sociale. Ech denken awer och u wichteg Servicer wéi de psychothérapeutesche Service vun der Croix-Rouge fir traumatiséiert Kanner a Jugendlecher. Ech denken un d'Servicer vun Eltereberodung, Mediatioun, wou mer hei zu Lëtzebuerg de Master an der Mediatioun op dem Centre universitaire amgaang sinn anzeféieren, fir iwwerhaupt dat emol alles ze léieren, wat net ëmmer esou licht ass ze verstoen, wat a wou wiem seng Aufgabe sinn.

Den Här Calmes huet dorophi gewisen, dass dat géing riskéieren op eemol och esou eng Ausuferung ze ginn. Et muss ee wëssen, wat een dorënner versteet. Mir hunn eng Mediatioun, déi elo ewell gemaach gouf am Service national de la Jeunesse an och vun aneren Organisatiounen. Och beim Stat selwer gëtt et eng Partie vun Initiativen, ob et d'Berodungsservicer si vum SCASS, ob et d'Guidance de l'enfance ass, ob et de SPOS ass an eng ganz Partie anerer ouni Zweifel, déi ewell an deene leschte Jore ganz vill a gutt Aarbecht gemaach hunn.

Ech denken awer och, dass mer zousätzlech investéiere mussen an den Ausbau vu Servicer vun der Aide en milieu ouvert, Programmer, déi mer gehale sinn ze maachen am Kampf géint d'Exploitatioun, besonnesch d'Exploitation sexuelle vun de Kanner. Do si mer an enger enker Zesummenaarbecht mat ECPAT Lëtzebuerg, wat och eng ONG ass. Och eng ganz Partie vun deem wat besteet, muss ausgebaut ginn oder muss ee vläicht nei konzipéieren. Ech hoffen, dass, wa mer dat gemaach hunn, et de Kanner e Stéck besser hei zu Lëtzebuerg geet, an net nëmme de Kanner mä och hiren Elteren.

An nach eng Kéier, wa mer mierken, dass dat hei eng falsch Décisioun wor, ass et ëmmer nach méiglech, fir eppes besser ze maachen, mä esou laang een näischt huet, kann een och näischt besser maachen.

Merci villmools.

**M. le Président.**- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 bis 10 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4137.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 41 Stëmme géint 13 mat 6 Enthaltungen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Ady Jung);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming (Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Gusty Graas), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jos Scheuer), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo).*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Aloyse Bisdorff.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

### **(Assentiment)**

Et ass esou décidéiert.

Mir sinn um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um 14.30 Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 18.33 heures)**